N°2758
Entrée le 13.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°2758 vum 8. August 2025 vun den honorabelen Députéierten Mars di Bartolomeo an Dan Biancalana zum Sujet "Bagatelles en matière de permis de construire".**

**Wéi eng Conclusiounen zitt d'Regierung aus den negativen Erfarungen aus dem Ausland (z.B. an der Wallonie) fir déi national Ëmsetzung vu Bagatellegrenzen?**

Wéi der wësst sinn d'Bagatellegrenzen bei de Baugeneemegungen an de staatlechen Autorisatiounen eng vun de Mesuren aus dem Reformpak "Méi, a méi séier bauen" deen den 10. Januar 2025 vum Regierungsrot ugeholl gouf.

Des Mesurë sinn, zesumme mam Syvicol ausgeschafft ginn wou den honorabelen Deputéierten Dan Biancalana Vize-President ass.

De virgenannte Reformpak gouf vun all den Acteuren aus dem Secteur vun der Constructioun gedroen déi am Kader vun der Ausschaffung vun dëse Mesurë mat um Dësch souze : de Staat, de Syvicol an de Privatsecteur. Dofir ass dës Fro zu dësem Zäitpunkt schonn erstaunlech.

Doriwwer eraus ass bei der Determinatioun vun den Aarbechten déi ënnert Bagatellegrenzen falen de Syvicol am Mäerz 2024 wärend der Ausschaffung vun den Texter consultéiert ginn. Pour rappel, et handelt sech em déi Aarbechten déi just deklaréiert ginn oder komplett entbonne ginn vun enger Baugeneemegung oder enger Deklaratioun.

Schliisslech ass dat och nach emol wärend de "Soirées pour élus locaux", déi vum Inneministère organiséiert goufen, diskutéiert ginn, wou och den Här Biancalana den 21. Mee 2025 zu Käerjeng drun Deel geholl huet.

**Wéi gedenkt d'Regierung déi praktesch Problemer, déi sech bei der Ëmsetzung vun esou engem Projet nom Vott an der Chamber stelle kënnen, am Konsens mat de Gemengen ze léisen?**

De Syvicol huet un der Ausschaffung vun de Mesuren am Aarbechtsgrupp matgewierkt. De Comité vum Syvicol huet an sengem Avis am Kader vun der legislativer Prozedur awer eng Ännerung vu senger Positioun zur Deklaratioun vun den Aarbechten gemaach. Doropshin ass festgehalen ginn, wéi den Här Biancalana sécherlech och weess, sech nach eng Kéier tëschent dem Inneministère an dem Syvicol am September 2025 ze treffen.

An deem Kader wäert den Inneministère dem Bureau vum Syvicol eng Propositioun ënnerbreeden, fir déi nei Bedenken déi beim Syvicol opkoumen ze diskutéieren ouni awer dass dat op d'Käschte vun der administrativer Vereinfachung soll goen.

**Wäert eng breet ugeluechten Informatiounscampagne vum Public d'Ëmsetzung vum Projet begleeden?**

Jo, och dat ass ee Sujet dee schonn mam Syvicol diskutéiert gouf.

Lëtzebuerg, den 12.08.2025.
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden